Larochette, den 16. Dezember 2025

# Erklärung vun enger Schäffin:

# Firwat ech de Gemengebudget net gestëmmt hunn

An de leschten Deeg ass meng Decisioun, de Gemengebudget net matzestëmmen, an der Ëffentlechkeet kritesch kommentéiert ginn. Dobäi ass leider d'Essenz vu mengem Gestus zum Deel verkannt ginn. Et geet hei weder ëm eng Blockade vu wichtege Projeten, nach ëm eng perséinlech Konfrontatioun, an nach manner soll domadder meng Glaubwürdegkeet als Schäffin a Fro gestallt ginn.

Am Géigendeel: Meng Entscheedung war eng bewosst, schwéier, awer noutwenneg politesch Handlung, fir op e strukturelle Problem an eisem kommunale Fonctionnement opmierksam ze maachen.

Ech bedaueren et ausdrécklech, datt een zu esou extremen Decisioune gräife muss, fir datt seng Stëmm endlech gelauschtert gëtt an net méi ignoréiert. De kommunale System gesäit leider net vir, just een eenzele Budgetspost ofzeleenen. Et bleift engem als gewielte Vertriederin also nëmmen d'Méiglechkeet, de Budget als Ganzt ze stëmmen oder ofzeleenen – och wann een an allen anere Punkten hannert de Projeten steet.

An dat ass wichteg ze betounen:

Ech hunn net géint d'Entwécklung vun eiser Gemeng gestëmmt.

Ech hunn net géint Projeten gestëmmt, déi fir eis Bierger wichteg sinn.

Mäi Nee war e Nee géint Hypocrisie a géint Décisiounen, déi hannert de Kulissen an Ënnerdrock getraff ginn.

Besonnesch problematesch fannen ech, datt de Buergermeeschter sech kuerz virum Gemengerot vun engem Gemengeconseiller ënner Drock setze gelooss huet. Et gouf ganz kloer domat gedréit, de Budget net ze stëmmen, falls e bestëmmte Punkt net erausgeholl géif ginn. Esou Situatioune sinn net nei an hunn an der Vergaangenheet schonn zu Spannungen an der Majoritéit geféiert. Et kann net sinn, datt ënner sou Ëmstänn Décisioune gefält ginn, déi net méi dem entspriechen, wat am Schäfferot gemeinsam festgehale gouf – an dat nach bei engem Dossier, dee vum Buergermeeschter selwer initiéiert an ënnerstëtzt war.

De Kär vum Konflikt läit am touristeschen Dossier ronderëm de Syndicat d'Initiative et de Tourisme de Larochette (SITL), deen ech bis den 16. Dezember 2025 presidéiert hunn. Zanter Mäerz hunn ech als nei Presidentin eng kloer Visioun a Strategie ausgeschafft, fir méi Visiteuren an d'Fiels ze bréngen an d'Visibilitéit vun eiser Gemeng ze stäerken. Dës Approche hunn ech dem Schäfferot am Summer presentéiert – an der Hoffnung, zesummen an engem konstruktive Kader, zum Beispill iwwer eng Konventioun, ze schaffen, wéi dat an anere Gemengen Usus ass.

Dës Propose gouf ofgeleent. Gläichzäiteg musse mir realistesch bleiwen: mat engem Joresubside vu 5.000 Euro kann een d'Missioune vun engem Syndicat d'Initiative am Beräich Tourismus, Kultur a Patrimoine net erfëllen.

Conform mam Subside-Reglement hunn ech doropshin eng Demande fir e Subside extraordinaire agereecht. De Schäfferot huet decidéiert, zwee konkret Projeten ze ënnerstëtzen an dës an den Dépenses ordinaires ënnert der Rubrik Loisirs anzeschreiwen:

– e Marché médiéval op der Bleech,

– an eng Marche dégustative.

Grad dës Marche dégustative ass zum Zankappel ginn. Dobäi handelt et sech net ëm eng klassesch Marche gourmande, mee ëm eng nei, innovativ Formule, déi de SITL dëst Joer fir d'éischte Kéier entwéckelt huet. Si verbënnt d'impressionant Natur vun der Fiels mat lëtzebuergesche Produiten an eisem kulturelle Patrimoine. D'Participanten entdecken ënnerwee Produzenten, Patrimoine-Siten ewéi d'Fielser Eiskeller, Schlass Meysembourg oder d'Fielser Buerg, a genéissen zum Ofschloss e lokale Buffet mat Méiglechkeet, regional Produiten ze kafen.

Déi éischt Editioun war e groussen Erfolleg. Fir déi zweet Editioun war eng Kapazitéit vu ronn 450 Visiteuren geplangt – mat Animatiounen, déi gréisstendeels duerch Sponsoren ofgedeckt gewiescht wieren. Eng Manifestatioun also, déi ganz kloer am Interêt communal läit.

Trotzdeem gouf dëse Projet aus dem Budget ordinaire erausgezwongen – mat der Begrënnung, ech wier gläichzäiteg Schäffin a Presidentin vum SITL. Fir all Reprochen aus dem Wee ze goen, hunn ech meng Demissioun aus dem Syndicat d'Initiative ginn. Dat Resultat ass trist: och all déi aner Membere sinn zeréckgetrueden, an de SITL besteet aktuell just nach aus engem Vizepresident an engem Trésorier.

TA

Zënterhier kréien ech privat Uriff, well d'Marche dégustative esou e Succès war, datt aner Syndicats d'Initiative a Veräiner Interessi weisen, de Projet ze iwwerhuelen. Esouguer Produzenten aus der éischter Editioun goufen kontaktéiert, fir dës Iddi an anere Gemengen ëmzesetzen.

Et ass bedauerlech, datt eng Gemeng mat esou engem groussen touristesche Potential riskéiert, hiren Syndicat d'Initiative ze verléieren. Et ass nach méi bedauerlech, datt Fiels net wéinst enger innovativer, eenzegaarteger touristescher Initiativ an d'Schlagzeile kënnt, mee wéinst politeschen Drock a Muechtspiller.

Meng Decisioun, de Budget net ze stëmmen, war kee perséinleche Protest, mee en Alarmzeechen. Eng kloer Linn ze zéien an ze soen: Stopp – esou kann et net weidergoen.

Marques

Ana Teresa Marques Lima